An deene leeschten Deeg ass et virun allem wärend den Owesstonnen zu enger Rei Abréch komm. D'Police geet dovun aus, dass et sech ëm méi Täter handelt, déi och weiderhi wäerten Abréch begoen.

Sollten Iech an deem Zesummenhang verdächteg Persounen oder Autoen opfalen, da mellt dës w.e.g. direkt ënner der Noutruffnummer 113 vun der Police.

**Weider Rotschléi:**

- Späert all Dieren a Fënsteren, och bei de Garagen a Kelleren, wann der net doheem sidd.
- Aktivéiert är Alarmanlag, och wann der nëmme kuerz fort sidd.
- Maacht owes d'Luuchten am Haus un.

Weider Informatioune fir sech géint Abréch ze schütze fannt Dir ënner police.lu/prevention.

---

# Informations importantes de la Police en rapport avec les cambriolages

Ces derniers jours, les cambriolages se sont multipliés, principalement en soirée. La Police suppose qu'il y a plusieurs auteurs qui continueront à être actifs.

Si vous remarquez des personnes ou des véhicules suspects dans ce contexte, nous vous prions d'en informer immédiatement la Police en appelant le numéro d'urgence 113.

**D'autres conseils :**

- Fermez toujours toutes les portes et fenêtres, y compris celles des garages et des caves, lorsque vous n'êtes pas à la maison.
- Activez votre système d'alarme, même en cas de courte absence.
- Allumez les lumières de votre maison le soir.

Vous trouverez d'autres conseils pour vous protéger contre les cambriolages sur police.lu/prevention.

POLICE
LËTZEBUERG




Depuis quelques mois, la Police constate une forte augmentation du nombre de **cambriolages** dans les **caves** et **garages communs.**

# MIEUX VAUT PRÉVENIR !

**N'ouvrez pas sans vérification** la porte d'entrée principale de la résidence ;

**Verrouillez** toujours **l'accès** aux caves et garages privés ;

**Ne gardez aucun objet de valeur** dans les garages et caves ;

**Sécurisez** les vélos **de manière supplémentaire** dans les caves et garages ;

Si vous rencontrez des **personnes inconnues** à la résidence, n'hésitez pas à les **interpeller;**

**Alertez** immédiatement la Police en cas d'observations suspectes.

Pour plus d'**informations** et de **conseils,** renseignez-vous gratuitement auprès du service de prévention de la Police :

## SERVICE NATIONAL DE PRÉVENTION DE LA CRIMINALITÉ

(+352) 244 24 40 33
prevention@police.etat.lu
www.police.lu

Cité Policière Grand-Duc Henri
1 A-F, rue de Trèves
L-2632 Luxembourg

# VORSICHT WILDWECHSEL!

POLICE LËTZEBUERG



Über 1000 Wildunfälle registriert die Polizei jedes Jahr in Luxemburg.

Hauptsächlich bei früh einsetzender Dunkelheit kann dämmerungsaktives Wild bei seiner Suche nach Futter oder einem Liegeplatz auf der Fahrbahn angetroffen werden.

Doch auch bei schlechten Sichtverhältnissen (Nebel, Regen oder Schnee) ist in den frühen Morgen- oder Abendstunden sowie nachts Vorsicht geboten.

Zudem kann aufgescheuchtes Wild während der Jagdsaison auf die Fahrbahn laufen.

## UM DIE GEFAHR EINES WILDUNFALLS ZU REDUZIEREN, RÄT DIE POLIZEI:

### Langsamer fahren

Verkehrsschilder, welche vor Wildwechsel oder Treibjagden warnen, sollen ernst genommen werden. Auf den entsprechenden Straßenabschnitten muss die Geschwindigkeit angepasst werden. Mensch und Tier haben bei verminderter Geschwindigkeit mehr Zeit und Raum zum Reagieren.

Zudem werden die Wucht des Aufpralls und der Bremsweg reduziert.

### Bremsen, hupen, abblenden

- Trifft man auf Wild auf der Fahrbahn, hilft nur noch bremsen und hupen.
- Hupen kann das Wild von der Straße scheuchen.
- Das Fernlicht oder die sogenannte Lichthupe blendet dagegen das Tier und erschwert ihm die Suche nach einem Fluchtweg. Zusätzlich blendet das eingeschaltete Fernlicht den entgegenkommenden Verkehr, so dass der Fahrer riskiert die Gefahr durch Wild auf der Fahrbahn zu spät oder überhaupt nicht zu erkennen. Bleibt das Wild auf der Fahrbahn stehen, unbedingt die Warnblinkanlage anstatt des Fernlichts einschalten.

### Beide Straßenränder im Blick behalten

Wild kann sowohl von links als auch von rechts auf die Fahrbahn gelangen. Besondere Vorsicht gilt auf Waldabschnitten. Deshalb sollte der Autofahrer stets beide Straßenränder im Blick behalten.

### Stets mit mehreren Tieren rechnen

Wildschweine und Rehe sind Rudeltiere. Fahrer sollten immer mit mehreren Tieren rechnen.

### Wenn eine Kollision unabwendbar scheint

Lässt sich ein Zusammenstoß nicht mehr vermeiden, sollte der Fahrer so stark wie möglich abbremsen und das Lenkrad in Geradeausstellung festhalten.

Abrupte Lenkbewegungen oder hektische Ausweichmanöver können das Fahrzeug ins Schleudern bringen und so zu einer Kollision mit dem Gegenverkehr oder einem Baum führen, oder das Abrutschen in den Seitengraben mit sich bringen. All dies kann durchaus schlimmere Folgen haben als der Zusammenstoß mit dem Tier.

## NACH EINEM ZUSAMMENSTOß:



- Falls erforderlich einen Krankenwagen anfordern (Tel.: 112);
- Auf Eigensicherung achten und die Warnweste anziehen;
- Die Unfallstelle absichern: Warnblinkanlage einschalten und Warndreieck aufstellen;
- Die Polizei verständigen (Tel.: 113).

Die Polizei warnt davor, das angefahrene Tier zu berühren, aufzuladen oder gar abzutransportieren. Der Abtransport von Unfallwild ist nur nach Freigabe durch die Behörden erlaubt! Ansonsten riskiert man, gegen das Jagdgesetz zu verstoßen und sich der Wilderei schuldig zu machen.

# REPAIR CAFE 2024

## Villes konnt gefléckt ginn!

**Samschdes den 09.11.2024**
**am Préizerdaul**
« Op der Fabrik »

Organisateurs: repaircafe.lu & kanton-reiden.lu

**Ugebueden Atelieren:**
**Elektresch, Elektronesch, Vëloen, kleng Bitzaarbechten & Schläife vu Gaarden - & Ateliersgeschier**

**Ateliers proposés :**
**Électrique, électronique, vélos, petits travaux de couture simple & affûtage des outils de jardin et d'atelier**










KANTON RÉIDEN

Pakt vum Zesummeliewen

# NEWSLETTER KANTON RÉIDEN

**Bleift forméiert!**

## Abonéiert Iech op d'Newsletter vum Kanton Réiden, déi eemol de Mount per Mail eraus geet.

**Bleift informéiert iwwer aktuell Projeten, Evenementer an Aktivitéiten:**

- **Aktivitéiten & Projeten** - alles iwwer Initiativen an Entwécklungen an eiser Regioun
- **Fester & Evenementer** - verpasst keng wichteg Rendez-Vousen
- **Bus-Updates** - Informatiounen iwwer gréisser Ännerungen am Busnetz

## Elo abonéieren!

Schreift Iech an um Site:
www.newsletter.kanton-reiden.lu
oder per QR-Code:

Mir soen Iech villmools Merci fir Ären Interessi!

SUIVÉIERT EIS OCH VIA FACEBOOK /facebook.com/kantonreiden

KANTON RÉIDEN

www.kanton-reiden.lu

# Statistiques relatives à la collecte porte-à-porte des déchets ménagers, des bulles pour verre creux et des textiles sous la responsabilité du SIDEC

## Préizerdaul

| | 2019 | 2020 | 2021 | 2022 | 2023 | 2024 |
|---|---|---|---|---|---|---|
| Nombre d'habitants au 31 décembre | 1 703 | 1 698 | 1 725 | 1 763 | 1 827 | 1 825 |

### Collecte porte-à-porte déchets ménagers résiduels (poubelle grise)

| | 2019 | 2020 | 2021 | 2022 | 2023 | 2024 |
|---|---|---|---|---|---|---|
| Quantité collectée (tonnes) | 402,15 | 285,14 | 218,16 | 175,42 | 188,77 | 162,26 |
| Nombre poubelles 60L | 124 | 141 | 156 | 152 | 166 | 172 |
| Nombre poubelles 80L | 259 | 167 | 188 | 209 | 203 | 197 |
| Nombre poubelles 120L | 296 | 195 | 213 | 219 | 215 | 218 |
| Nombre poubelles 180L | | 63 | 75 | 70 | 71 | 70 |
| Nombre poubelles 240L | 63 | 54 | 61 | 63 | 65 | 60 |
| Nombre poubelles 360L | - | 36 | 37 | 37 | 33 | 35 |
| Volume total à disposition par vidange (l) | 78 800 | 82 480 | 91 420 | 93 160 | 92 260 | 91 840 |
| Volume moyen par habitant et par vidange (l) | 46,27 | 48,57 | 53,00 | 52,84 | 50,50 | 50,32 |

### Collecte porte-à-porte biodéchets (poubelle brune)

| | 2019 | 2020 | 2021 | 2022 | 2023 | 2024 |
|---|---|---|---|---|---|---|
| Quantité collectée (tonnes) | | 22,71 | 95,38 | 97,00 | 98,69 | 81,93 |
| Nombre poubelles 60L | | 361 | 403 | 414 | 430 | 435 |
| Nombre poubelles 120L | | 39 | 39 | 33 | 31 | 36 |
| Nombre poubelles 240L | | 6 | 6 | 7 | 4 | 4 |
| Volume total à disposition par vidange (l) | | 27 780 | 30 300 | 30 480 | 30 480 | 31 380 |
| Volume moyen par habitant et par vidange (l) | | 16,36 | 17,57 | 17,29 | 16,68 | 17,19 |

### Collecte porte-à-porte verre creux (poubelle verte)

| | 2019 | 2020 | 2021 | 2022 | 2023 | 2024 |
|---|---|---|---|---|---|---|
| Quantité collectée (tonnes) | | 14,23 | 50,99 | 50,99 | 40,68 | - |
| Nombre poubelles 120L | | 394 | 470 | 493 | 500 | 513 |
| Volume total à disposition par vidange (l) | | 47 280 | 56 400 | 59 160 | 60 000 | 61 560 |
| Volume moyen par habitant et par vidange (l) | | 27,84 | 32,70 | 33,56 | 32,84 | 33,73 |

## Collecte porte-à-porte papiers/cartons (poubelle bleue)

| | 2019 | 2020 | 2021 | 2022 | 2023 | 2024 |
|---|---|---|---|---|---|---|
| Quantité collectée (tonnes) | 114,24 | 80,04 | 79,56 | 78,26 | 70,56 | - |
| Nombre poubelles 120L | 416 | 416 | 416 | 416 | 436 | 436 |
| Nombre poubelles 240L | 276 | 276 | 291 | 321 | 336 | 336 |
| Volume total à disposition par vidange (l) | 116 160 | 116 160 | 119 760 | 126 960 | 132 960 | 132 960 |
| Volume moyen par habitant et par vidange (l) | 68,21 | 68,41 | 69,43 | 72,01 | 72,78 | 72,85 |

## Collecte porte-à-porte déchets encombrants

| | 2019 | 2020 | 2021 | 2022 | 2023 | 2024 |
|---|---|---|---|---|---|---|
| Quantité collectée (tonnes) | - | - | 3,89 | 2,56 | 2,80 | 3,67 |

## Bulles (verre creux)

| | 2019 | 2020 | 2021 | 2022 | 2023 | 2024 |
|---|---|---|---|---|---|---|
| Quantité collectée (tonnes) | - | - | - | - | - | - |

## Textiles

| | 2019 | 2020 | 2021 | 2022 | 2023 | 2024 |
|---|---|---|---|---|---|---|
| Quantité collectée (tonnes) | 10,66 | 10,45 | - | 6,34 | 5,65 | - |



Wëllplanzesom Lëtzebuerg

## Wéilt och Dir eng schéi bléiend Blummewiss bei Iech hunn?
## Nom Wanter geet et lass: Mäerz bis Abrëll ass et nees Zäit fir unzeséien!

Fir d'Bestëbser an d'Biodiversitéit ze ënnerstëtzen ass eng qualitativ héichwäerteg Geseemsmëschung mat Wëllplanzen aus eiser Regioun gëeegent. De Naturschutzsyndikat SICONA an de Naturmusée hunn viru puer Joer zesumme mat weidere Partner eng Lëtzebuerger Someproduktioun vu Wëllplanzen opgebaut. D'Baueren vun der *Wëllplanzesom Lëtzebuerg*-Genossenschaft produzéieren dëst Geseems vun heemesche Wëllplanzen op hire Felder. D'Planze ginn no ökologesche Krittären ugebaut, de Som gëtt recoltéiert an d'Firma Rieger-Hofmann stellt d'Geseems dann zu verschiddene Wëllplanzemëschunge fir Lëtzebuerg zesummen.

Jiderengem, deen eng Blummewiss bei sech doheem am Gaart oder op ëffentleche Gréngflächen uleeë wëll, recommandéiere mir d'LUX-Mëschunge vum *Wëllplanzesom Lëtzebuerg*. Dës Mëschungen enthalen nëmmen Aarten, déi zu Lëtzebuerg natierlech virkommen a wichteg Fudderplanze fir eis heemesch Päiperleken an aner Insekte sinn.



E Feld vum *Wëllplanzesom Lëtzebuerg* fir d'Produktioun vu Geseems.



Déi véier LUX-Mëschungen fir de Siidlungsraum. D'Qualitéit gëtt duerch eng Zeritifizéierung séchergestallt.

Kommt Iech en Echantillon vun enger LUX-Mëschung an de Guichet vun Ärer Gemeng sichen!

## Wou kann ee LUX-Mëschunge kafen?

Fir Flächen ëm 25 m² an den Dierfer a Stied kennen méi grouss Tute vun de véier Mëschungen LUX-Blumenwiese, LUX-Blühender Schotterrasen, LUX-Bunter Saum & Schmetterlingspflanzen an déi nei Mëschung LUX-Fugenmischung bei follgende Partner an Ärer Ëmgéigend kaaft ginn:

- Angelduerf, Barenbrug Luxemburg
- Bartreng, a.c.i.e.r. Luxembourg
- Bartreng, co-labor
- Colmer-Bierg, De Verband V Shop
- Diddeleng, Fondation Kräizbierg
- Dippech, Mon Jardin
- Kockelscheier, Haus vun der Natur
- Léiweng, De Verband V Shop
- Ollem, Naturschutzsyndikat SICONA
- Réiden op der Atert, Op der Schock
- Réiden op der Atert, Waasserhaus
- Steesel, Bamschoul Becker
- Useldeng, Tourist Info Wëlle Westen

Weider Verkafsplazen a vill zousätzlech Informatiounen zum *Wëllplanzesom Lëtzebuerg* fannt Dir op: www.wellplanzen.lu.

All d'LUX-Mëschunge kënnen och a gréissere Quantitéite bei der Firma Barenbrug zu Angelduerf oder online am Web-Shop vun der Firma Rieger-Hofmann (www.rieger-hofmann.de) ënnert „Mischungen für Luxemburg" kaaft ginn.

**Fir déi richteg LUX-Mëschung auszewielen, berode mir Iech gären.**

Naturschutzsyndikat SICONA
12, rue de Capellen L-8393 Olm
T : (+352) 26 30 36 25
E : administration@sicona.lu

SICONA
Naturschutzsyndikat

# AKTIOUN PÄIPERLEK 2025




## PAQUET GRATUIT DE VIVACES À PAPILLONS POUR VOTRE JARDIN !

Dans le cadre d'**Aktioun Päiperlek**, SICONA a choisi six vivaces de culture biologique particulièrement valorisantes comme plantes nectarifères pour les papillons et autres insectes. Vous pouvez commander un paquet de ces plantes gratuitement **à partir du 1er avril 2025** sur **www.sicona.lu**. Attention : les paquets sont limités - **first come, first served** ! La distribution aura lieu début mai **de 17:00 à 19:00** aux points de distribution suivants :

- **06.05.2025 :** Schifflange, Parking Hall Polyvalent, 1A, Chemin de Bergem
- **06.05.2025 :** Bissen, Parking Hall Frounert, 10, rue de la Laiterie
- **06.05.2025 :** Olm, Salle des fêtes, 10, rue de Capellen

- **07. & 08.05.2025**, **8:00 – 12:00** et **13:00 – 16:30** à la réception du SICONA à Olm.




CE PARTERRE POURRAIT TROUVER SA PLACE DANS VOTRE JARDIN !

---

**ATTENTION :** Cette offre s'adresse aux habitants des **communes membres de SICONA**. En cas de stock restant, les habitants des communes non membres peuvent obtenir un paquet contre payement.

# Der Obstbaumschnitt

**Der gezielte Schutz, der Erhalt und die Pflege von Obstbäumen ist eine wichtige Aufgabe des Naturschutzes, um ihrem Schwinden in unserer Kulturlandschaft entgegen zu wirken. Neben dem Nutzen des Obstes, hängt von den „Bongerten" das Überleben vieler Tierarten ab. Sie sind Teil unserer Biodiversität.**


© SICONA

**Warum wird geschnitten ?**
Ungepflegte Obstbäume fruchten nur wenig, leiden unter mangelndem Licht, riskieren auseinander zu brechen, sind anfälliger für Krankheiten, bringen wenig Ertrag und niedrige Qualität. Mit einem fachgerechten Schnitt bleiben sie gesund und werden vor dem Absterben bewahrt.

**Was wird geschnitten?**
Alles was „zu viel, zu dick, zu steil und zu alt" ist:

- Licht, Luft und Sonne müssen bis ins Innere der Baumkrone gelangen.
- Nicht dicke, kräftige Triebe sind die wichtigsten im Baum, sondern die schwächeren, aber gesunden Triebe.
- Senkrechte Triebe wachsen sehr stark, tragen jedoch wenig Früchte und beschatten die anderen.
- Knorriges, altes Holz zum Teil herausgeschnitten werden, denn sie brechen und bringen keinen Ertrag. Aber: nicht alle toten Äste und Zweige entfernen, denn sie gehören dazu und bieten Lebensräume für Tiere.

**Wann wird geschnitten?**
Prinzipiell können Obstbäume das ganze Jahr über bei frostfreiem Wetter geschnitten werden.

Der Sommerschnitt eignet sich besonders bei Kirsche und Walnuss, sowie Starktriebigen und zum nachhaltigen Auslichten. Beim Winterschnitt wird das Triebwachstum verstärkt und nutzt dem Verjüngen der Bäume.

Der Pflanzschnitt ist sehr wichtig für ein gutes Anwachsen von jungen Bäumen und den Aufbau der Krone. Der Erziehungsschnitt sorgt für Stabilität und wird in den ersten 5 Jahren zwei- bis dreimal, oder jährlich, von November bis März durchgeführt. Ist die Baumkrone definitiv aufgebaut, braucht der Baum nur noch alle 5 bis 10 Jahre einen Instandhaltungsschnitt zum Auslichten der Krone.

**Wie wird geschnitten ?**
Bei SICONA werden die Schnittregeln der Obstbaumschnittschule Grolm (Oeschberg-Krone) angewendet:

- Aufbau einer stabilen Krone mit Stammverlängerung und vier Leitästen
- Kronenansatz ab 2 m Höhe
- Durch gezieltes Knospen brechen, kerben und ritzen werden nur die Äste gefördert, die gewünscht sind

**Was Sie tun können**
Das Naturschutzsyndikat SICONA pflegt derzeit etwa 17.000 Obstbäume und pflanzt jedes Jahr bis zu 500 neu. Auch Sie als Privatperson können sich für den Schutz von Obstbäumen einsetzen. Sie sind Besitzer eines Grundstückes auf dem Sie gerne Obstbäume anpflanzen würden? Wenn Sie sich für den Anbau oder die Pflege von Obstbäumen interessieren, dann finden Sie hier die nötigen Tipps zur Neupflanzung einer Obstwiese oder der Pflege alter Obstbäume:


© SICONA


© SICONA


© SICONA

Das Naturschutzsyndikat SICONA besteht aus 43 Mitgliedsgemeinden im Südwesten und Zentrum Luxemburgs. Ziel ist die Erhaltung der heimischen Artenvielfalt und der naturnahen Lebensräume. Neben Landschaftspflegearbeiten ist die Wiederherstellung von Lebensräumen ein Schwerpunkt der Arbeit von SICONA.

12, rue de Capellen L-8393 Olm – T: 26 30 36 25 – E: administration@sicona.lu

# Natur erliewen an de Gemengen

SICONA KIDS

GEMENG PRÉIZERDAUL · GEMENG USELDENG · GEMENG VIICHTEN

**D'Naturentdecker vum SICONA ënnerwee mam Nicole**

**fir de Cycle 2-4**

**Bei Froen:**

**pedagogique@sicona.lu**

## Programm 2025

**Januar - September**

| Wéini? | Wat? |
|---|---|
| ☐ 21.01.2025 14:30-17:00 | Déieren am Wanter |
| ☐ 25.02.2025 14:30-17:00 | Spill vum Liewen |
| ☐ 25.03.2025 14:30-17:00 | Natur am Fréijoer |
| ☐ 17.04.2025 09:30-14:30 | Kachen um Feier |
| ☐ 20.05.2025 14:30-17:00 | Naturspiller |
| ☐ 10.06.2025 14:30-17:00 | Wisekraider |
| ☐ 08.07.2025 14:30-17:00 | D'Baach entdecken |

Du wëlls dech umellen?
Tu veux t'inscrire?
Do you want to sign up?



# REPAIR CAFE 2025

## Nächste REPAIR CAFE am KANTON RÉIDEN
## Prochain RDV du REPAIR CAFE du CANTON DE REDANGE

**Samschdes / Samedi 18.01.2025**
**zu / à Beckerich**
14h00-17h00 - Centre Culturel Nic Bosseler
3, Huewelerstrooss 8521 Beckerich

Organisateurs: repaircafe.lu & kanton-reiden.lu

**Les autres RDVs de l'année :**

- 29.03.2025 Useldange Centre Culturel
- 14.06.2025 Grosbous Festsall
- 22.11.2025 Ell Centre Culturel

**Ugebueden Atelieren:**
Elektresch, Elektronesch, Vëloen, kleng Bitzaarbechten & Schläife vu Gaarden - & Ateliersgeschier

**Ateliers proposés :**
Électrique, électronique, vélos, petits travaux de couture simple & affûtage des outils de jardin et d'atelier

Jiddereen ass wëllkomm!
D'Bedeelegung ass gratis, ouni Umeldung!

Tout le monde est le bienvenu !
La participation est gratuite, sans inscription !




KANTON RÉIDEN

Zësummë liewen
GEMENGEPAKT

Les mois d'automne et d'hiver sont plus propices à des cambriolages en raison de la tombée avancée de la nuit et de la visibilité plus réduite. Dans ce contexte, la Police tient à rappeler qu'une bonne sécurisation mécanique de la maison, un système d'alarme, mais aussi la vigilance individuelle diminuent considérablement le risque d'être victime d'un cambriolage.

## CONSEILS ET COMPORTEMENT PRÉVENTIF

Adoptez les bons réflexes :

- Fermez systématiquement à clé vos portes extérieures, vos fenêtres et porte du garage, même en cas de courte absence.
- Activez toujours votre système d'alarme, même lors d'une courte absence.
- Éclairez votre domicile en fin de journée à l'aide d'une minuterie automatique.
- Informez vos voisins si vous êtes absents pendant une période plus longue.
- Signalisez à la Police toute personne ou voiture suspecte.



## SAVIEZ-VOUS QUE...?

En moyenne, la durée d'un cambriolage ne dépasse pas 5 à 10 minutes (effraction et fouille de l'habitation). Les cambriolages peuvent aussi bien avoir lieu durant la journée que pendant la nuit.

En principe, un cambrioleur ne cherche pas la confrontation avec l'habitant et fuit lorsqu'il remarque que celui-ci l'a aperçu. Néanmoins, si l'habitant constate qu'un cambriolage est en cours, il est déconseillé d'affronter le cambrioleur de manière directe. Alertez plutôt la Police et signalez au cambrioleur qu'il n'est pas passé inaperçu, par exemple en faisant du bruit, en criant ou en allumant l'éclairage.




## QUE FAIRE...?

Si vous avez été victime d'un cambriolage, contactez immédiatement la Police au numéro d'appel d'urgence 113 et attendez l'arrivée des agents. Ne touchez à rien, ne jetez, ne rangez et ne nettoyez rien sur le lieu du crime afin de ne pas détruire des traces qui peuvent être importantes lors de l'enquête.

**Pour plus d'informations et de conseils, renseignez-vous gratuitement auprès du service de prévention de la Police :**

**SERVICE NATIONAL DE PRÉVENTION DE LA CRIMINALITÉ**

(+352) 244 24 40 33 — prevention@police.etat.lu

 © POLICE LËTZEBUERG - 25.10.2024 

DIGITAL ARCHIV PRÉIZERDAUL

Jean Milmeister

# D'Schluecht ëm de Préizerdaul

*Das folgende Referat über die Schlacht in der „ Schankegriecht» im Jahre 1944 wurde von Jean Milmeister, damaliger Vizepräsident der **CEBA** (**Cercle d'etudes de la Bataille des Ardennes**) und Historiker der Ardennenschlacht, bei der Jahresversammlung 1998 der CEBA im Centre Culturel in Platen vorgetragen.*

*Die älteren Dauler haben diese tragischen Ereignisse noch erlebt und Jean Milmeisters aufschlussreicher Bericht wird manche traurige Erinnerung aus einer sehr schweren Zeit wachrufen.*



| | | |
|---|---|---|
| *VGD* | = | *Volksgrenadierdivision* |
| *Rgt* | = | *Regiment* |
| *GR* | = | *Grenadier-Regiment* |
| *ID* | = | *Infanteriedivision* |
| *Sgt* | = | *Sergeant* |

Den 22. Dezember 1944 ass dat däitscht ***Grenadier-Regiment 915***, dat zu der ***352. Volksgrenadierdivision*** gehéiert huet, an enger laanger Kolonn hannert zwee Jagdpanzer 38t «Hetzer» vu Groussbus aus op de Préizerdall zou marschéiert. Déi ***352. VGD*** ënnert dem Kommando vun dem Oberst Erich Schmidt war an der Normandie uerg erbäigeholl ginn an hat vill Zaldote verluer. Als Ersatz krut se Matrousen, deenen hir Schëffer versenkt gi waren an déi net als Infanterie ausgebilt waren. Se sollt de 16. Dezember 1944 tëschent Bettel a Wallendorf iwwer d'Our setzen. Ma d'Pionéier, déi schlecht ausgebilt waren, hunn et net fäerdegbruecht, eng Bréck bei Genteng ze bauen, besonnesch well d'Our Héichwaasser hat an d'amerikanesch Artillerie op d'Bauplaz geschoss huet. D'***Grenadier-Regiment 915*** ënnert dem Oberstleutnant Johann Orawe konnt bei Genteng op enger Foussbréck iwwer d'Our setzen, ma et konnt keng schwéier Waffen iwwer d'Our bréngen. Sou konnt den amerikanesche Widderstand zu Fouhren an zu Longsdorf net gebrach ginn. De 17. Dezember 1944 ass de Regimentskommandeur Johann Drawe zu Tandel schwéier verwonnt ginn. En ass eréischt 12 Deeg duerno duerch de Majouer Heinrich Hoffmeister ersat ginn.

Den 20. Dezember 1944 ass d'***352. VGD*** iwwer d'Sauerbréck, déi nëmmen deelweis gesprengt war an Dikrech ageréckt an den 21. Dezember 1944 huet se Ettelbréck geholl. Den 22. Dezember 1944 ass se op d'Atert zou virgeréckt. Dat ***915. GR*** sollt iwwer Feelen, Mäerzeg, Groussbus a Biebererch op Réiden virstoussen.

Den 22. Dezember 1944 muerges géint 10 Auer huet déi amerikanesch L-Kompanie vum ***109. Rgt. vun der 28. Infanteriedivision***, déi sech an de Bësch «Seitert» südlech vu Groussbus zeréckgezunn hat, op eemol trotz dem Schnéi, dee gefall ass, op der Strooss vu Mäerzeg op Groussbus eng laang Kolonn gesinn: et war dat ***915. Regiment***. De Captain Embert A. Fossum, de Kompaniechef, huet d'Feier vun dem ***107. an 108. Artilleriebataillon*** bei Viichten op d'Kolonn geleet, dat grouss Verloschter ugeriicht huet, ma en huet sech awer net getraut mat sengen 100 Mann, déi ëm nach bliwwe sinn, dat ***915. GR*** unzegräifen, dat weider op de Préizerdaul zou marschéiert ass. Un der Spëtzt sinn zwee Jagdpanzer «Hetzer» gefuer, hannendru sinn d'Volleksgrenadéier op béide Säite vun der Strooss virgereckt an um Enn koume 4 Kanounen, déi vu Päerd gezu goufen, a nach 2 «Hetzer».

Et war géint 11 Auer wéi dee viischten «Hetzer» vun der «Schankegriecht» erfort lénks ëm d'Kéier gebéit ass an op di éischt Haiser vu Proz zougefuer ass. Op eemol huet den «Hetzer» geziddert, et gouf eng Explosioun an eng déck schwaarz Wollek ass erausgeschloen. E «Sherman» ënnen an der Kéier hat en ofgeschoss. De Volleksgrenadéier sinn d'Kugelen aus 50er Maschinnegewierer ëm d'Ouere gepaff. Dat ***915. GR*** war op di éischt Truppe vum Patton senger 3. Arméi gestouss, déi vu Süden hir mat der 26. Infanteriedivisioun ugegraff huet.

Schonn den 23. November 1944 hat de Colonel Oscar Koch, de G2-Offizéier vun der 3. Arméi, de Patton drop opmierksam gemaach, dass d'Wehrmacht géif Truppe vis-à-vis vum ***VIII. Korps*** zesummenzéien. Wéi de Koch den 9. Dezember 1944 gemellt huet, dass 2x méi däitsch Zaldote vis-à-vis vum ***VIII. Korps*** léichen, wei vis-à-vis vun der ganzer 3. Arméi, huet de Patton den Uerder ginn, e Plang opzestellen, fir de Fall, wou déi 3. Arméi am Norden agräife misst. Wéi du de Bradley den 18. Dezember 1944 um 11 Auer owes de Patton ugeruff huet, fir e fir deen aneren Dag op eng Konferenz zu Verdun ze ruffen, huet e seng Generalstabsoffizéier Gay a Maddox ugestallt, op der Basis dräi Plange fir e Géigenugrëff am Norden opzestellen. Si hunn di ganz Nuecht dru geschafft, sou dass de Patton deen aneren Dag den Eisenhower iwwerrasche konnt, wéi e sot, e kennt sech direkt mat der 3. Arméi op de Wee maachen an no 48 Stonnen ugräifen.

D'Stabsoffizeier vun der ***26. Infanteriedivision*** souzen den 19. Dezember 1944 an der Bar vun hirem Hotel e Patt ze drénken, wéi op eemol e Sergeant erakoum an de Colonel McFayden, de Stabschef, op den Telephon geruff huet. Um Telephon war de Colonel Philips, de Stabschef vum ***III. Korps***, deen ëm matgedeelt huet, déi 26. Infanteriedivisioun géif deen anere Mueren no Norde verluegt ginn.

Den Opklärungstrupp ass kuerz no Hallefnuecht fortgefuer, dat ***101., 104. an 328. Regimen***t den 20. Dezember 1944 muerges no 8 Auer. Et ass esou séier gaangen, dass eng Eenheet emol keng Zäit hat, fir hir Gefaangen ofzeliwweren an se einfach an engem Camion matgeholl huet. Am Géigesaz zu den Däitschen haten d'Amerikaner där jo genuch. Ee GI huet sengen Aen net getraut, wéi en dee Camion voll däitsch Zaldoten hannert enger Long Tarn-Batterie gesinn huet, a sot: «Are we bringing up replacements for the Jerries too?»

Géint 11 Auer owes sinn d'Zaldote vun der "Yankee Division" am Raum Äischen ukomm. Schonn am Nomëtteg vum 21. Dezember 1944 hunn Offizéier vum ***104. Regiment*** eng Opklärungspatrull bis op Räichel a laanscht d'Atert gemaach, vun där aus d'Regiment deen aneren Dag ugräife sollt. Géint der Owend sinn d'Amerikaner zu Räichel ageréckt an hunn eng Verdeedegungslinn opgebaut. Wéi et däischter ginn ass, sinn déi Truppen, déi deen anere Mueren ugräife sollten, nokomm. Si hunn d'Stroosse fir op Réiden, fir op Osper, fir an de Préizerdall, fir op Béiwen a fir op Séll besat, fir op en däitschen Ugrëff virbereet ze sinn.

De Lieutenant Colonell Ralph A. Palladino, de Kommedant vun dem ***104. Regiment***, huet sech am Hotel Hansen niddergelooss. Herno, wéi Räichel méi wäit hannert der Front louch, ass ee vun de Stabsoffizéier dacks owes mat sengem klenge wäissen Hond vis-à-vis an de Café Traufler getréppelt, fir do een - oder méi - Humpen ze drénken. A well de Patton och e klenge wäisse Bull Terrier hat, de Willie, ass d'Legend entstanen, et wier de Patton gewiescht, dee säin Haaptquarteier am Hotel Hansen gehat hätt. No dem Patton sengem schwéieren Autosaccident huet d'Andrée Traufler dem Patton geschriwwen, fir ëm eng gutt Besserung ze wënschen, an d'Beatrice Patton huet ëm dee Bréif mat enger Rei aner Bréif am Spidol virgelies. Spéider ass eng Korrespondenz tëschent der Mrs. Patton an dem Andrée Traufler entstanen, déi der Legend weideren Opdriff

ginn huet. Ma dem Patton säin Haaptquartéier war ganz kloer vum 21. Dezember 1944 bis de 27. Mäerz 1945 an der Stad an der „Fondatioun Pescatore".

Dat ***735. Tank Battalion*** ënnert dem Kommando vum Lieutenant Colonel Bock war den 20. Dezember 1944 géint 3 Auer mëttes vun der Saarfront no Lëtzebuerg verluecht ginn an et ass den 21. Dezember 1944 um 1 Auer nuets zu Hoen ukomm. Géint hallwer 11 huet de Lieutenant Colonel Bock sech beim Major General Willard S. Paul, dem Kommandeur vun der ***26. ID*** gemellt, deen d'Kompaniën ***A, B an C*** op déi ***3 Regimenter*** vun der ***Divisioun*** verdeelt huet. D'B-Kompanie ass dem ***104. Regiment*** zu Räichel zougedeelt ginn.

Den 22. Dezember 1944 um 6 Auer muerges ass dat 104. Regiment vu Räichel aus op de Préizerdaul zoumarschéiert. Se waren nach net wäit virgestouss, wéi de Captain Hendrickx vum ***818. Tank Destroyer Battalion*** sech beim Lieutenant Colonel Palladino gemellt huet a sot, hee wier mat zwee Pelotonen ***M10-Tank Destroyer*** do, fir dat ***104. Regiment*** ze ënnerstëtzen.

Et huet ugefaangen ze schneien. Den Opklärungstrupp vum ***104. Regiment*** huet sech an de Préizerdall virgetaascht. Do hate sech vill Leit di Deeg virdrun op de Wee gemaach, wéi d'Evakuéiert mat Camionen, Leederween an Handweenercher aus dem Éisleck koumen a voll Angscht a Panik erzielt hunn, déi däitsch Truppe wiere schonn zu Feelen an zu Mäerzeg. Ma den 20. Dezember koumen op eemol keng Leit méi, déi fortgelaf sinn. Wat war geschitt? War déi däitsch Offensiv gestoppt? Vun e puer Leit, déi iwwer Feldweeër koumen, sinn di Préizerdauler gewuer ginn, dass d'Amerikaner viru Groussbus e grousst Lach an d'Strooss gesprengt haten an di Evakuéiert dofir iwwer Viichten an Useldeng ëmgeleet goufen. Et waren d'Pionéier vun der ***A-Kompanie*** vum ***103. Engineer Combat Battalion***, déi beim ***109. Regiment*** vun der ***28. ID*** war, déi zu Groussbus 2 Krater, 1 Minnefeld an 3 Hënnernesser ugeluecht haten. Am Préizerdaul hunn déi Leit, di dobliwwe waren, sech gefrot, wat den 22. Dezember hinne brénge géif. Di däitsch Truppe sollte schonn zu Groussbus sinn.

Géint 7 Auer schläichen Zaldoten zu Proz laanscht d'Haiser. Ass d'Wehrmacht elo do? D'Zaldote maachen d'Dieren op, lauschteren a luussen an d'Haiser, vun deenen der vill verlooss sinn. Am Haus Mangen ass Luucht. Virsiichteg schlaufen se an d'Haus eran. Do ginn se voll Freed begréisst - et sinn Amerikaner! Ma d'Freed ass net vu laanger Dauer. Op eemol rattert e Maschinnegewier, d'Fënster vun der hellbeliichter Stuff geet a Schierbelen an dräi Amerikaner mussen hiert Liewe loossen. E Stousstrupp vum ***Grenadier-Regiment 914*** vun der ***352. VGD***, dat iwwer Méchelbuch a Viichten op Useldeng virstousse sollt, war duerch den „Hintgebësch" bis op Proz geschlach an hat d'Maschinnegewier tëschend den Haiser Ley a Schaus opgeriicht. Kuerz drop sinn zwéin aner Amerikaner bei der Bréck op der Strooss fir op Bëschrued gefall. De Stousstrupp huet dunn di lescht Haiser vu Proz besat.

Iwwer d'Haaptstrooss ass dat ***104. amerikanescht Regiment*** mat der ***E-Kompanie*** un der Spëtzt duerch Bieberech op Proz zou virgeréckt a vu Groussbus erfort ass dat ***915.*** däitscht ***GR*** laanscht „d'Schankegriecht" op Proz zou virgestouss. Ma tëschend deenen zwee louch de Stousstrupp vum ***914. däitsche GR*** an de leschten Haiser vu Proz an am „Hintgebësch". Wéi d'Amerikaner bei déi lescht Haiser vu Proz koumen, sinn se vu schwéiere Maschinnegewierer beschoss ginn, déi se niddergehalen hunn, sou dass se net méi weider koumen.

D'***E-Kompanie*** huet e provisoresche Kompaniekommando zu Bieberech am Paschtoueschhaus ageriicht.

Géint 11 Auer koum eng Jeep dohi gerannt an huet gemellt: „Germans are coming!" Et war dat ***915. GR***, dat vu Grousbus erfort ugeréckt as. Iwwer Telephon huet de Captain Spiegelberg Verstäerkung ugefrot, da sin d'Telephonen an eng Jeep verstaut ginn, déi fortgejauft ass. D'Amerikaner kréien den Uerder, déi iewescht Fënsteren an den Haiser laanscht d'Strooss ze besetzen. Se lueden hir Gewierer a lauere wat komme soll. Et héiert ee Panzer rabbelen. Ass dat den däitschen Ugrëff? Neen, et ware 4 „Sherman" Panzer, déi sech an der Kéier hannert der Schräinerei Closener opgestallt hunn. Et war näischt ze fréi, well kuerz drop koum uewen an der Kéier hannert de leschten Haiser vu Proz den „Hetzer", deen un der Spëtzt vum ***915. GR*** gefuer ass, vun der „Schankegriecht" erfort ëm di laanggezunne Kéier gefuer a gouf vun engem „Sherman" ofgeschoss. Och deen zweeten „Hetzer" ass zerstéiert ginn. D'Volleksgrenadéier hu sech an de Bësch zeréckgezunn, den Ugrëff war 200 Meter viru Proz gestoppt ginn. Ee „Shermann" war getraff ginn, ma et gouf keen dra verwonnt. D' Panzer fueren erop op Rëmmerech an huelen den „Hintgebesch" ënner Beschoss. D'***E-Kompanie*** vum ***104. amerikanesche Regiment*** kritt den Uerder unzegräifen an de Volleksgrenadéier nozesetzen. Ma déi hunn sech an der „Schankegriecht" verschanzt an d'***E-Kompanie*** gëtt a schwéier Kämpf verwéckelt a vun den däitsche Maschinnegewierer a Feldgeschëtzer zeréckgeschloen. Jeepe brénge Verwonnter op Platen an d'Éischt Hëllef-Statioun am Café Weber. E Leutnant koum aus dem Bësch an huet gemellt, d'***E-Kompanie*** wier ëmzéngelt. Wéi de Captain Spiegelberg probéiert huet, d'***E-Kompanie*** ze reorganiséieren, huet e festgestallt, dass d'Situatioun net sou schlëmm war, wéi de Leutnant gemellt hat.

D'***G-Kompanie*** ass zu Rëmmerech a Stellung gaangen, fir déi rechts Flank ze decken. Se huet e Stousstrupp a Richtung „Schankegriecht" geschéckt, deen d'Stellungen an d'Stäerkt vun de Volleksgrenadéier feststelle sollt.

Am Westen, beim „Roudebesch", waren amerikanesch Panzer an Artillerie a Stellung gaangen an hunn an d'Schankegriecht geschoss.

Géint 3 Auer huet dat ***1. Battalion*** vum ***104. Regiment*** mat dem ***2. Peloton*** vun der ***B-Kompanie*** vum ***735. Tank Battalion*** a Richtung Bëschrued ugegraff.

Dat ***2. Battalion*** vum ***104. Regiment*** sollt mat dem ***1. Peloton*** vun der ***B-Kompanie*** vum ***735. Tank Battalion*** a Richtung Groussbus virstoussen. Ma di däitsch Truppen an der «Schankegriecht» hunn d'Haaptstrooss op Groussbus nach

ëmmer staark verdeedegt. Wéi et däischter gouf, ass de Lieutenant Abel mat engem Peloton vun der ***G-Kompanie*** vum ***104. Regiment*** op engem Feldwee am Süde laanscht «d'Schankegriecht» virgestouss an, ouni dass di däitsch Virposten eppes gemierkt hunn, a Groussbus ageréckt. Do hu se 26 Volleksgrenadéier an en Offizéier iwwerrompelt a gefaang geholl. Wéi se d'Haiser duerchsicht hunn, hunn se nach 50 Gefaange gemaach, vun deenen der vill verwonnt waren. Géint 10 Auer owes hat d' ***G-Kompanie*** Groussbus besat an de Rescht vum ***1. Battallion*** ausser der ***E-Kompanie***, ass nogeréckt.

Den 23. Dezember 1944 ass d'***E-Kompanie***, déi nach virun der «Schankegriecht» festlouch, vun der ***I-Kompanie*** ofgeléist ginn a südlech vun der «Schankegriecht» op dem Feldwee, iwwer deen dat ***2. Battalion*** virgestouss war, a Stellung gaange fir d' Volleksgrenadéier anzekesselen an hinnen de Réckzuch ofzeschneiden. D'Tank Destroyer vum ***818. Battalion*** hu mat High Explosive Granaten de Bësch zerfatzt. Se konnten och di zwee lescht «Hetzer» vum ***915. GR*** zerstéieren. Wéi d'Zaldote vun der ***E***- an ***I-Kompanie*** dunn endlech an «d'Schankegriecht» virstousse konnten, hunn se nëmme méi Dout an Zerstéierung gesinn. Vun engem däitsche Batallioun haten nëmme 14 Mann de Beschoss vun der Artillerie, de Panzer an den Tank Destroyer iwwerlieft a goufe gefaang geholl.

De 24. Dezember 1944 hunn d'Amerikaner d'Bëscher tëschent dem Préizerdall a Groussbus duerchkämmt. Deeler vum ***915. GR*** konnten sech no Norden zréckzéien, ma si haten all schwéier Waffe verluer. Den Amerikaner awer stoung den Zougang zum Waarkdall op. Déi ***352. VGO*** gouf op Ettelbréck zréckgeworf.

Chrëschtdag, de 25. Dezember 1944, huet de Captain Emil J. Schmidt sech mat der ***39. Signal Company*** zu Platen ageriicht. Wéi d'Leit an der Kierch an der Houmass waren, ass op eemol een amerikanesche Bomber 500 Meter méi wäit an den Uebstbongert vun der Famill  Kemmer gefall an explodéiert. D' Stecker sinn duerch d'Landschaft geflunn, ma glécklecherweis ass kengem Mënsch eppes geschitt. Et war de Bomber Nr. 42-96134 vum ***397. Bombardment Group, 98. Combat Wing, IX Bomber Command, 9. US Air Force***. Am Bomber souze 6 Mann, de Pilot First Lieutenant C. H. Buckel, de Co-Pilot First Lieutenant L.L. Soane, de Mechaniker Sergeant M. Kuliczkowsky an di 3 Gunner Sergeant E.J. Hankins, Sgt. R.T. Salerno an Staff Sergeant C.R. Clonkey. Se konnte sech alle sechs mat dem Fallschierm retten. De Clonkey ass zu Bieberech bei der Kierch gelant an huet sech de Fouss gebrach.

Stiefesdag, de 26. Dezember 1944, huet dat ***735. Tank Battalion***, dat déi ***26. ID*** ennerstëtzt huet, säin Haaptquartéier zu Bieberech ageriicht. D'Zaldote vun der „grave registration" sinn duerch d'Bëscher gaangen an hunn d'Läiche vun de Gefalene gesammelt. Fir de Préizerdall war d'Ardennenoffensiv eriwwer. Zum Gléck war dat ***915. GR*** virum Préizerdall gestoppt ginn an sou hunn d'Amerikaner Bieberech, Rëmmerech, Platen a Proz net kuerz a kleng geschoss, fir di däitsch Truppen ze verdreiwen, ma nëmmen „d'Schankegriecht".













*Amerikanesch Zaldote bei hirem Dauler "Compatriot", de Wallenborns Metty (hannen an der Dier)*



*Begéinung mat amerikaneschen Zaldoten, déi hir Zelter op der Schandelerstrooss opgeschlou haten. (François Frank 2,v.l., René Fisch 3.v.L.)*

# La Maison Michel Lucius

**Wousst Dir schon, dat de Michel Lucius réischt am Alter vu 57 Joer säin éischte groussen Optrag vun der Lëtzebuerger Regierung krut, nämlech eng nei geologisch Kaart vun eisem Land ze machen. Hien huet vun 1936 bis 1950 dorunner geschafft.**



## Découvrons LA GÉOLOGIE avec le Musée MICHEL LUCIUS



**ADRESSE:**
Musée Michel Lucius
9, rue Dr. Lucius
L- 8614 Reimberg

### LA MAISON MICHEL LUCIUS

Le musée est localisé dans la maison natale du géologue Michel Lucius (1876 - 1961 †), construite en 1780 et transformé vers la moitié du XIX[e] siècle. Ce bâtiment constitue un exemple-type de l'architecture rurale des XIX[e] et XX[e] siècles.

Il a été converti en musée entre 2004 & 2006 par le Service des Sites & Monuments, sous l'impulsion de l'Institut Géologique Michel Lucius Asbl. Lors de la rénovation, l'emploi de matériaux provenants de la région (ardoise, calcaire, grès rouge, .. ) a été privilégié.

### VISITES DU MUSÉE


**Chaque 1[er] dimanche du mois sans rdv: de 10h30 à 11h30**

Rdv sur demande pour groupes ou autres jours possible.

Guide: **M. Jos Bormann**

GEMENG PRÉIZERDAUL

Commune Préizerdaul
Tél. 266 299-140
secretariat@museemichellucius.lu
www.museemichellucius.lu




Haut ass a sengem Heemechtshaus e klengen a feine Musée.

Kommt bis laanscht, fir eppes iwwert dem Michel Lucius säi Liewen a Schaffen gewuer ze ginn an d'Gestengs an eisem Land kennen ze léieren.

Et ass all éischte Sonndeg am Mount vun 10h30 bis 11h30 op.

Fir Gruppen kënnen op Ufro och zu aneren Deeg Féierungen organiséiert ginn.

Jos Bormann, Guide

# Wantermaart vun der Maison Relais Préizerdaul

Den traditionelle Wantermaart vun der Maison Relais Préizerdaul huet dëst Joer den 29. November ab 16 Auer erëm vill Leit an de Schoulhaff vun der Primärschoul gezunn.

Och fir dëst Joer hat d'Personal erëm flott Saachen en Place gesat.

Nieft engem gudde Glühwäin oder waarme Punsch gouf et natierlich och eppes géint den Honger.

E flotte Bastelstand mat Chrëschtdeko vun de Kanner hiergestallt, Danz- wéi och Gesangsoptrëtter an e flotte Chrëschtconcert vun der Dauler Philharmonie hunn um Freidig virum 1ten Advent scho Chrëschtstëmmung an de Préizerdaul gezaubert.

Wéi och schonn déi Jore virdru gëtt och dëst Joer rëm een Deel vum Erléis fir e gudden Zweck gespent.

D'Personal vun der Maison Relais Préizerdaul wënscht Iech lo scho schéi Chrëschtdeeg an e gudde Rutsch an dat neit Joer.














ho HO HO!





# KANNERCOMITE

Dëst Joer ass an der Maison Relais gewielt ginn. Fir déi éischte Kéier sollt e Kannercomité entstoen. An dem sech d'Kanner kënne mat hiren Ideen Gehéier verschaffen. Déi déi sech wollten engagéieren hunn sech an hier Iddi'e wärend zwou Wochen an der Maison relais virgestallt. Mat Plakater a Video'e konnten si sech erklären.

De 6. November waren an der Maison Relais d'Walkabinnen an d'Walurn opgestallt ginn. Et haten sech 19 Kanner opgesat. Ronn 120 Kanner konnte wielen a maximal 12 Stëmmen verdeelen. D'Spannung war wärend der ganzer Woch grouss, wéi d'Kanner offiziell een nom aneren an d'Kabinnen era gaange sinn. An der Woch vum 11. November war et endlech esou weit.







En lessen ass organiséiert ginn a bei engem gudde Patt mam Buergermeeschter sinn d'Resultater vun de Wale verkënnegt ginn. D'Kanner hunn sech gefreet, mee natierlech hunn e puer Kandidaten net konnte gewielt ginn Ze verstoe war dass do d'Enttäuschung grouss war.

Op de neie Kannercomité kënnt elo vill Aarbecht duer. Hier Ideen an déi vun de Kanner vun der ganzer Maison relais kënnen debattéiert ginn, an a verschidde Fäll och dem Buergermeeschter a senge Schäffe virgeluecht ginn.

MAISON RELAIS PREIZERDAUL

## WEEN SI MIR?



INITIATIV LIEWENSUFANK
DEBUT DE LA VIE - BEGINNING OF LIFE

# PIKLER® „SPIELRAUM“

## Für Kinder von 3 bis 24 Monaten, in Grosbous







Freies, selbstständiges Entdecken ist von unermesslicher Bedeutung.



**Im SpielRaum ermöglicht unserer Pikler®-Pädagogin Babys, in Begleitung ihrer (Groß-)Eltern, ihre Welt zu Entdecken.**

Der Raum ist so gestaltet, dass die Kinder ihrem Interesse an Bewegung, Spiel und Ruhe eigenständig nachkommen können. Verschiedenste Spielmaterialien und Bewegungsgeräte stehen je nach Alter zur Verfügung.

Für die Persönlichkeitsentwicklung des Kindes ist ein nicht angeleitetes, freies, selbstständiges Spiel von unschätzbarem Wert.


WWW.LIEWENSUFANK.LU

**Telefon: (+352) 36 05 97** oder **www.liewensufank.lu** • Aktuelles zu unseren Kursen: **facebook.com/InitiativLiewensufank**

# Par ATERTDALL Sainte-CLAIRE

## Chrëschtdag 2024 – *Noël 2024*

**24.12.2024 :**
**zu Useldeng um 20.30 Auer, Chrëschtmetten mat Eucharistiefeier**

**25.12.2024 :**
**am Préizerdaul um 10.30 Auer, Houmass fir Chrëschtdag**

**05.01.2025 :**
**zu Groussbus um 10.30 Auer, Festmass fir Dräikinniksdag – Epiphanie**

## Kateches fir Äer Kanner – *La catéchèse pour vos enfants*



Vun 3 bis 15 Joer, 9 Katechismusgruppen, ronn honnert Kanner, 4 Niveauen, 3 Sproochen (Le tzebuergesch, Portugisesch, Franseisch)

*De 3 à 15 ans, 9 groupes de catéchèse, une centaine d'enfants, 4 niveaux, 3 langues (Luxembourgeois, Portugais, Français)*

Lieweg Reuniounen fir eng grouss Entdeckung vun der Schéinheet vum chrëschlichen Glawen. Virbereedung op d' Éischt Kommioun, d'Firmung, etc.

*Des rencontres animées pour une grande découverte de la beauté de l'expérience chrétienne. Préparation à la Première communion, confirmation, etc*

## D'Mass erklärt fir Kanner an... Elteren! *La messe expliquée aux enfants et ... aux parents*

D'Katechese gëtt och an der Mass gemaach, fir datt d'Kanner an dat grousst Gebiet vun der Kierch kënnen antrieden. D'Katechisten erklären a stellen de Kanner an hiren Elteren d'Bedeitung vu Gesten a Gebieder vir.

*La catéchèse se fait aussi à la messe pour permettre aux enfants d'entrer dans la prière de l'Église. Des catéchistes expliquent et introduisent les enfants et leurs parents à la signification des gestes et des prières.*

***Un nouveau groupe ouvert à tous!***
*Destiné aux familles dont les enfants ont déjà fait la première communion, ce nouveau groupe des jeunes commence à s'organiser. Il offre la possibilité de vivre et d'approfondir la foi chrétienne par des rencontres variées, autour de la prière, l'explication des commandements de Dieu, l'introduction à la liturgie, la vie des sacrements (l'eucharistie et la confession en particulier), la visite des lieux saints de l'Église, comme la cathédrale de Luxembourg, le tombeau de saint Willibrord, etc.*

**Films, enseignements, visites, pizza, jeux, échanges et discussions, etc., les prochaines dates de rencontre:**
**Samedi 23 novembre 2024**
**Samedi 14 décembre 2024**
**Samedi 11 janvier 2025**
**Samedi 1er février 2025**

**Infos + inscriptions :**
**par.atertdall.cate@gmail.com**

**Prochaines messes !**
**24 décembre** (18h30, Redange)
**19 janvier** (10h00, Grosbous)
**9 février** (10h00, Everlange)



**Centre paroissial :**
40, grand'rue
L- 8510 Redange-Attert

Site: cathol.lu/atertdall

**Équipe pastorale :**
Père Jean-Jacques Flammang SCJ, curé-doyen
Tél. : 661 746 852
jjf@scj.lu

Père Jacques BAGNOUD, subsidiaire,
jacques.bagnoud@cathol.lu
Père Vincent Billot, subsidiaires
vincent.billot@cathol.lu

**Secrétariat & commande messes :**
Michèle Asseray, secrétaire
Tél. : 23 62 10 53
atertdall@cathol.lu

**Kranken- & Altenpastoral :**
Tél. : 23 62 07 20 / 621 618 855
Marie Claire Rasqué

**Nout-Telefon Begriefnispastoral | Équipe de funérailles – urgences :**
Tél. : 621 686 102









1 Christophe Kleer

2 Francine Reiser

3-4 Tom Demuth

An dëser Rubrik fann dir Fotoen déi eis Dauler Bierger eragescheckt hunn.
De Schäfferot seet jidderengem Merci dee sech un dëser Aktioun bedeeligt. Dir kënnt eis och weider hin gäre Fotoen iwwer email op jruppert@preizerdaul.lu schécken.

D.T. Préizerdaul

## Latest:

**Nordmeeschterschaft:**

Den 10. November war den DT Préizerdaul mat 28 Spiller op der Nordmeeschterschaft ze Biissen vertrueden a krut insgesamt 14 Medailen.

- 1. Plaz fir de Bogdan Singeorzan an de Foos Ferber am Double Messieurs
- 3. Plaz fir de Fernand Pettinger an de Nick Ferber am Double Messieurs
- 1. Plaz fir de Bogdan Singeorzan an d'Jona Schroeder am Double Mixte
- 3. Plaz fir d'Laure Remy an d'Dana Weiler am Double Dames
- 1. Plaz fir den Nick Ferber bei de Cadets
- 3. Plaz fir den Pol Kanivé Watry bei de Cadets
- 1. Plaz fir de Foos Ferber bei de U21/Juniors
- 3. Plaz fir d'Jona Schroeder bei de U21/Juniors
- 1. Plaz fir de Bogdan Singeorzan an der Kategorie A/B1
- 3. Plaz fir de Foos Ferber an der Kategorie A/B1
- 3. Plaz fir de Jean-Marc Dijou an der Kategorie A/B1
- 1. Plaz fir d'Jona Schroeder an der Kategorie B2/B3
- 2. Plaz fir den Bernard Peschon an der Kategorie B2/B3
- 3. Plaz fir de Angelo Henriques Guerrini an der Kategorie C3/D1



**Träipe-mätteg:**



De 24. November hate mer eisen traditionellen Träipe-Mätteg wou och rëm dëst Joer eng gutt Stëmmung war

**Loscht op Dëschtennis?**
Komm op den Training:
**Jugend:**
Méindes an Donneschdes: 17h30 -19h00
Samschdes: 9h00 - 10h30
**Senior:**
Méindes an Donneschdes: 19h00 - 21h00
Samschdes :10h00-12h00

## Upcoming:

**Déi nächst Heemmatcher sinn:**

- 18. Januar
- 25. Januar
- 08. Februar
- 08. Mäerz
- 29. Mäerz

**Ëmmer ab 19h30 an der Sportshal am Préizerdaul**

**Eist nächst Event ass:**
Kéis- a Wäinowend
den 28. Mäerz



www.dtpreizerdaul.com

dtpreizerdaul | D.T. Préizerdaul | @DTPreizerdaul | dt.preizerdaul@gmail.com

# Bonnievale Projects

**D'Jugend vu Lëtzebuerg kann a Südafrika e Volontariat maachen, wa si volljäreg sinn, an sech tëscht 6-12 Méint iwwer Bonnievale Projects zesumme mam SNJ, Service National de la Jeunesse un engem Projet bedeelegen.**

**Hei de Bericht vum Lily an Julie, déi wärend e puer Méint e Volontariat a Südafrika gemeet hunn.**



## Lily



Ech sinn d'Lily. Ech hu grad meng 20 Joer gefeiert a Südafrika, wou ech elo gläich scho 6  Méint liewen. Méin Gebuertsdag ass am Januar an ech sot scho säit klengem un, dass ech dat Joer no der Premiere géif op enger waarmer Plaz feieren. Ech wosst nämlech schonn ëmmer dass ech e Volontariat maache wéilt.

Méin initiale Plang war et, an de Peru ze reesen. Duerch politesch Onrouen zu deier Zeit war dat leider net méiglech. Ech sinn awer grad dat Joer mat der Schoul fäerdeg ginn a wosst nach net genau, wat ech spéider maache wéilt. Op der Sich no enger anerer ONG huet mech eng am meeschten ugesprach, an zwar Bonnievale-Projects ONGD. Südafrika war bis dohin ni op mengem 'Radar' an dofir sinn ech immens frou dass Bonnie People mer et erlaabt huet dat Land an seng Kultur kennenzeléieren.



Ech hu mech schonn ëmmer fir nei Kulturen intresséiert. Bis elo sinn ech ëmmer nëmme mat der Hëllef vu Bicher an nei Kulturen agetaucht. Mee dat ass mer ni duer gaangen, an déi puer Méint hei a Südafrika hu mer déi Zeit ginn, esou vill wei méiglech ze leieren. Puer Léit mengen elo vläit dass een dat och an enger Vakanz maache kann, mee e Volontariat ass nach mei intensiv doduerch dass ee wierklech hei sech en neit Liewe fir déi Zeit opbaut. Et ass ee fir déi Zeit wierklech matzendran an der Community an erlieft Saache wou ee soss vläit net als Tourist maache géif.

E Volontariat kann engem Jonken esou vill bréngen. Ech huelen elo zwar Südafrika als Beispill mee dat gellt fir all Länner. Ech wosst scho Saachen iwwer Südafrika, mee dass nach eng aner Saach wann een iwwer d'Apartheid aus engem Buch leiert a wann een da wierklech um Terrain d'Konsequenzen dovun all Dag materlieft.

Eppes wat mer wichteg war beim Choix vu menger ONG ware Fotoen, Informatiounen oder Temoignagen. Alles, wouduerch ech mer e bëssi virstelle konnt, wei mäi Liewe géif ausgesinn déi nächst Méint. Dofir sinn ech frou mech em d'Social Medie vu Bonnie People ze këmmere säitdeem ech hei sinn. Sou kréien d'Leit a Lëtzebuerg en Abléck an eist Liewen hei. Gidd gear laanscht kucken op den Instagram vu Bonnie People : @bonnievale.life!

Fir de Futur Volontairen nach e bëssi mei Informatiounen iwwer Südafrika kennen ze ginn, hunn ech nach en Account gestart, an zwar @bonnievolunteer op Instagram. Do fannt der net nëmme meng Temoignagen, mee och Temoignagë vun ancien Volontairë mat deenen ech mech ausgetosch hunn, Tipps fir är frei Weekender hei ze organiséieren an ech schwätzen och iwwert déi Bicher, déi ee liese ka fir sech op de Volontariat virzebereede fir soumat en Abléck an déi nei Kultur ze kréien.

Ausserdeem, hëllefen ech iwwerall wou grad meng Hand gebraucht gëtt, sief et fir ze raumen oder an der Kichen d'Iesse virzebereede fir de Kanner dono erof an d'Klassen ze droen. Ech hunn och eng Zeit mat aner Volontairen Aktivitéite mat de Kanner gemaach. Ech ginn och meeschtens mat Mettes op d'Food Distribution an den Township.

Zesumme mat der Maison Relais Scheierhaff hunn ech nach e Mini Projet um lafen, ech schécken hinnen nämlech heiansdo Fotoe vun hei mat hirer Maskottchen, eng Eil. D'Kanner kréien d'Fotoe gewisen a gesinn da wat hier Eil schonn alles erlieft huet. Méin spéidert Beruffsliewe wäert zwar näischt mat Kanner ze dinn hunn, mee et freet mech an de Vakanzen do ze schaffen an de Kanner alles zielen ze kennen.

Et ginn natierlech och e puer Erausfuerderunge bei sou engem Volontariat, mee dat ass dann eng Charaktersaach wei een domat ëmgeet. Ech perséinlech hat elo net vill Heemwee, zemools well ech wosst, dass ech a 6 Méint erëm zeréck géif sinn. D'Zeit hei geet ganz ganz schnell em an ech ka mer guer net virstellen an zwou Wochen nees doheem ze sinn.

Ech kéint iech nach esou vill mei erziele vu menger Zéit hei erzielen, wei déi Erfarung mech gepräägt huet a wei ech als Mënsch hei gewuess sinn. Wann dir intresséiert sidd un engem Volontariat oder Froen hutt, da schreift mer roueg op Instagram oder eng Email : lilynavlet@gmail.com



# Julie

Am Ufank war de Programm vum „Aftercare“ nach present fir Kanner vu 6 Joer bis 18 Joer. Ech war och mei interesséiert un där Altersgrupp also hunn ech mir wärend der Preparatiounszäit vu mengem Volontariat Gedanke gemaach an Iddie gesicht, déi ee kéint ëmsetzen. Sport spillt säit klengem un eng ganz wichteg Roll a mengem Liewen an ech wollt dëse Beräich hei bësse mei fuerderen. Wou ech dann ukomm sinn an no engem Mount duerch meng Beobachtunge feststelle konnt, dass Fussball e vun de mëschte gespillten Sportaarte vun de Kanner hei nidden ass, hunn ech mech dozou entscheet ee Fussballstraining fir déi Jugendlech op d'Been ze



Hallo, mäin Numm ass Julie an ech sinn 23 Joer al, schonn ëmmer als Kand war et mäi Wonsch mech mat anere Mënschen aus anere Länner auserneen ze setzen, ech fannen dat nämlech beandrockend wei esou divers eis Welt ka sinn. Ech gesinn et als e grousse Puzzle un, wou all Stéck eng eenzegaarteg Form huet, a jiddereen dozou bäidréit fir d'Ganzheet vun eisem „Welt-Puzzle“.

Ech droen elo genau säit 5 Méint zu dësem Projet bei. Ech erliewe mäi Volontariat hei a Südafrika als Chance mäi Wonsch ze erfëllen. Et ass nämlech net selbstverständlech dat een an sou engem schéine Projet a Land eng fräiwëlleg Aarbecht maache kann.

Am Alldag schaffen ech zesumme mat enger anerer Volontairin Aktivitéiten ze plangen an duerchzefeiere fir an deenen verschiddene Klassen. De Fokus fir déi Aktivitéite leien op der Grobmotorik a Feinmotorik. Andeems mir mei genau op déi spezifesch Kompetenzen aginn, kennen d'Joffere mei déi formal Bildung developpéieren an sech och mei Zeit dofir huelen. Duerch meng Ausbildung als Educatrice, kann ech mäi pädagogescht Wëssen a meng Erfarungen unhand der Praxis ëmsetzen, a soumat zu der Entwécklung vun de Kanner bäidroen, zousätzlech aver och d'Joffere bei hirer Aarbecht ënnerstëtzen. Ech soen ëmmer et ass eng „Win Win Situatioun“ well och ech leiere vill Neies vun hei bei a sinn och ëmmer oppe fir nei Saache mat op de Wee ze kréien.



stellen. Doduerch dass ech selwer Fussball spillen, hat ech d'Méiglechkeet hinnen déi richteg Übungen an den Opbau vun engem Training ze weisen. Ech krut och direkt Hëllef vun den anere Volontairen ugebuden, déi mir bei den Traininger eng grouss Ënnerstëtzung waren. D'Traininger waren e Succès, et hunn sech nämlech allkéiers an déi 30 Kanner ageschriwwen. Mir war et wichteg dëse Projet ze realiséiere fir de Kanner ee richtege Fussball-Training ze erméiglechen an hinnen och ze weisen wei esou een Training ofleeft souwéi hinnen ee Gefill vun Zougehéiregkeet ze vermëttelen. Fussball ass eng wichteg Sportaart, et stäerkt de Kanner hier sozial Kompetenzen andeems si léieren als Team ze funktionéieren.

Menger Meenung no bréngt e Volontariat engem Jonken esou vill well een sech suwuel am Soziale souwéi och am Professionelle Beräich verbessere kann an och soumat säin Selbstvertraue stäerkt. Ausserdeem developpéiert een och seng eege Perséinlechkeet wei zum Beispill d'Entdecke vu Fäegkeeten, déi engem virdrun net bewosst waren. Et léiert een sech allgemeng besser kennen. Am Alldag komme Situatiounen a kleng Erausfuerderungen op een zou, wou ee leiere muss eleng domat eens zeginn. Eng fräiwëlleg Aarbecht ass eng flott Méiglechkeet sech ze engagéieren, anere Leit ze hëllefen , an e positiven Input op Gemeinschaft ze hunn. Et leiert een eng ganz nei Kultur kennen an der een sech upassen muss. Weltoppen ze sinn ass dohier ee wichtege Krittär fir ee Volontaire. Duerch ee Volontariat kann dee Jonken déi Villsäitegkeet vun engem Land mat senger Kultur a Religioun entdecke mee och den Awunner hier Liewens Aart a Weis kenne léieren.



# Badminton Tournoi




Den Dauler Fiederball hat Sonndes den 24. November erëm rendez-vous ginn fir säin Hierschttournoi, wou sech ganzer 18 Equippen am Double Mëttes ëm den Titel beméihen sollten. Gewonnen hat eng Equipe vun der Aris, déi nët ze klappe waren, de Florent an d'Chloé hunn näischt ubrenne gelooss. Eis Félicitatiounen.

Moies huet d'Jugend am Eenzel gespillt, an den Noah Coulaud huet keen eenzege Match missten ofginn.

Deen nächste Rendez-vous ass schonns am Kalenner, den 01. 02.2025 ass ee Fues-Jux- Tournoi fir all d'Dauler Clibb, an den 01.03.2025 ass den Fréijoerstournoi fir agefleeschten Badminton-Spiller.

Een décke Merci all deenen wou bei der Organisatioun gehollef hunn, a fir dat leiflecht Wuel gesuergt hunn.

Theo Ney, Président Dauler Fiederball asbl.

# Scheckiwwerreechung FCPR

A Presenz vun de Gemengevertrieder aus de Gemengen Réiden a Préizerdaul hate mir als Comité mat eise Kolleege vun der Missioun Grottekick déi grouß Éier duerch Recetten vun eisem Réidener Grottekick Schecken un d'ASA an d'Wonschkutsch z'iwwerreechen an domat béid Associatiounen bei hierer Aarbecht z'ennerstëtzen. No der Scheckiwwerreechung huet de Comité nach e Patt an e Maufel fir z'iessen zum Bäschte ginn.




After Work an
Konter A Matt
31.01.2025
28.02.2025
Ab 18 Auer
Op der Fabrik
am Préizerdaul
Keen Tournoi
Fir Iessen an Gedrénks ass gesuergt


Konter A Matt Tournoi
29 März 2025
Op der Fabrik am Préizerdaul
Ufank: 19 Auer
Startgeld: 12 €
( een Maufel mat abegraff)
Preisser: Grupp A: Gruppe B:
1. Preis 200 € 100 €
2. Preis 120 € 75 €
3. Preis 60 € 50 €
4. Preis 30 € 25 €
Schein Tombola
Punkten - System
Jiddereen spillt 12 Partien
Unmeldungen beim
Jessica 661587757
powerbullsracingteam@gmail.com
Och wann dir keng Kaart, spillt sidd der herzlech
Wëllkomm en Patt drenken
oder een Maufel bei eis iessen zekommen


Mir invitéieren Iech op eisen traditionellen
ITALIÉINSCHEN OWEND
Samsdes, den 18. Januar 2025
op der Fabrik am Préizerdaul
MENU
Lasagne 19€
Tris de pâtes 22€
(Lasagne, Penne all'arrabbiata, Tortellini crème jambon)
Spaghetti Bolognese 17€
Kannerspaghetti 11€
Tortellini Crème Jambon 20€
Apéritif vun 18 Auer un op der Fabrik am Préizerdaul
Reservatioun um Telefon (virum Mëttwoch, den 15. Januar 2025)
* A Emporter as och méiglech
661 647 406 (Schumacher Claude)
621 243 971 (Kaufmann Mani)
691 601 995 (Feltz Joël)
Organiséiert vum F.C. Préizerdaul-Réiden
CAFÉ DU CHÂTEAU
"Um Wier"
LOMBARDI SPORTS


Chez Mani A.S.B.L
Eng nei Asbl am Préizerdaul
déi ee Catering,
Grill service a
Locatioun vun Grill a Kach Material ubidden.
Mellen kennt der Iech beim
Präsident dem Mani: 621243971,
Caissier dem Frulles: 621423072,
Sekretairin dem Jessica 661587757
Oder ob der Email:
chez.mani.asbl@gmail.com
fir weider Informatiounen
Chez Mani A.S.B.L

# Konveniat Scouten Groussbus 2024



Den 10. November 2024 hu sech haiteg an eemoleg Cheffen a Mataarbechter vum Scoutsgrupp Saint Maximilian Kolbe zu Groussbus am Festsall fir een Konveniat getraff. D'Initiativ wor vun eisem laangjäregen Gruppechef Vally Bodem ausgaang, deen eis dëst Joer fir ëmmer verlooss huet.

Bei engem gudden Maufel an deem engen oder aneren Patt, goufen vill Erënnerungen ausgetosch an Anekdoten verzielt, sech méi oder manner al Fotoen ugekuckt. An natierlech hunn e puer Scoutslidder net dierften feelen.

Esou haten déi aktuell Memberen emol d'Geleeënheet, déi al „Huesen" kennen ze léieren, déi zanter 1986  eise Grupp opgebaut a matgeschafft hunn.

# UGDA- Auszeechnunge bei der Préizerdauler Musik

Um Caeciliebanquet vun der Préizerdauler Musik den 23. November 2024 si follgend laangjärig a verdingschtvoll Musikante vum Generalsekretär Marc Thill an der Madame Patricia Kohnkow, Member vum Zentralkomitee vun der UGDA ausgezeechent ginn:

Eng Insigne fir 5 Joer gouf et fir d'Sarah Els-Muller an d'Danielle Roemen-Reiser.

Fir 20 Joer aktive Musikant huet de Misch Loes d'„médaille de mérite en argent" ugespéngelt kritt.

Fir 40 Joer ass d'Sandra Muller-Gindt mat der „médaille de mérite en vermeil avec palmettes" ausgezeechent ginn.

D'Sandra Pravisani (5 Joer) an de Jean-Marie Majerus (30 Joer), déi dëser Feier nit konnte bäiwunnen, kréien hir „insigne" an „médaille de mérite en vermeil" spéider iwwerreecht.



# Barbarafeier vun de Pompjeeën vu Groussbus a Préizerdaul

Den 8. Dezember hunn d'Pompjeeën vu Groussbus an aus dem Préizerdaul hir Schutzpatréinisch, di helleg Barbara, an der festlich geréschter Kierch zu Groussbus gefeiert.





# Préizerdauler Musik



### Dauler Startmusikanten

Nächst Joer lancéiert d'Préizerdauler Musik en Ensembel fir Ufänger mam Numm „Dauler Startmusikanten". Dësen Ensembel riicht sech u Musikanten a Musikantinne vun all Alter, déi réischt mat hire Musiksetuden ugefaangen hunn a schonn e puer Noute kënnen.

Wanns du interesséiert bass a Loscht hues mat anere Leit Musik ze spillen, da mell dech fir weider Infoen an Umeldung bei eisem Comitésmember Laura Weis 621 796 399.

### Galaconcert

Notéiert Iech alt scho mol den Datum vum 15. Mäerz 2025 – hei spille mir eisen traditionelle Galaconcert, ënnert der Leedung vun eisem Dirigent Christophe Terver.



# Stëmmungsvolle Wantermaart 2024 am Préizerdaul 15 & 16.11.2024

**Organiséiert vum Syndicat d'Initiative Préizerdaul & Chez Mani**













# 3 Fragen … 3 Antworten
# *3 questions … 3 réponses*

**1. Wer sind Sie und was ist Ihr Fachgebiet?**
Mein Name ist Viviane Kandel, ich bin diplomierte Gesundheitsberaterin und Coach sowie Geschäftsführerin der Schule des Lebens für ganzheitliche Lebens- und Heilweisen BALANCE VIV. Der Schwerpunkt meiner Arbeit liegt auf einem harmonisch und glücklich Leben durch Entspannung und Achtsamkeit. Als unabhängige Beraterin begleite ich Menschen in allen Lebenssituationen und unterstütze sie in ihrer „Hilfe zur Selbsthilfe".

**2. Vor welchen Herausforderungen stehen Ihre Klienten?**
Stresssymptome sind in der Regel die Hauptanliegen bei meinen Klienten. Stress an sich macht nicht krank. Wer ihm aber nichts entgegenzusetzen hat, vor allem bei Dauerstress, bei dem ist das innere Gleichgewicht schnell gestört. Einen geliebten Menschen pflegen und in schwierigen Zeiten begleiten ist eine schwierige Aufgabe, bei der wir uns oft selbst in den Hintergrund stellen. Auch die Überforderung eines pflegenden Angehörigen mit seiner Aufgabe kann zu Stress und innerer Dysbalance führen.




**3. Was sind die wichtigsten Empfehlungen, die Sie pflegenden Angehörigen geben können, um ihre Gesundheit und ihr Wohlbefinden zu erhalten?**
Um seine Lebensqualität zu erhalten ist es von großer Bedeutung:

- mit sich selbst genauso fürsorglich und liebevoll umzugehen, wie mit den zu pflegenden Angehörigen
- Achtsamkeit im Alltag zu üben
- sich regelmäßige Auszeiten zu nehmen
- in Kontakt mit sich selbst zu sein – und zu bleiben.

Des Weiteren kann ein Austausch mit anderen betroffenen Personen helfen, sich nicht mehr so allein mit seiner Situation zu fühlen.
Zusammen mit dem Club Aktiv Plus Atertdall, haben wir das Projekt „**Treffen für pflegende Angehörige: Achtsamkeit und Austausch**" ins Leben gerufen und bieten pflegenden Angehörigen die Möglichkeit, sich regelmäßig dienstags von 09.30 – 11.00 Uhr in der Gruppe oder individuell im Club Aktiv Plus Atertdall, in der Maison Worré in Redingen zu treffen.

***1. Qui êtes-vous et quel est votre domaine d'expertise ?***
*Je m'appelle Viviane Kandel, je suis conseillère et coach en santé diplômée et gérante de l'école de la vie en équilibre BALANCE VIV. Dans mon travail, je me concentre sur la création d'une vie harmonieuse et heureuse grâce à la pratique d'exercices de relaxation et de pleine conscience. En tant que conseillère indépendante, j'accompagne les gens dans toutes les situations de leur vie et les soutiens dans le développement à s'aider soi-même.*

***2.Quels sont les défis auxquels vos clients sont confrontés ?***
*Les symptômes de stress sont généralement la première préoccupation de mes clients. Le stress en soi ne rend pas malade. Mais si l'on n'a rien à lui opposer, surtout en cas de stress permanent, l'équilibre intérieur est rapidement perturbé. Prendre soin d'un être cher et l'accompagner dans les moments difficiles est une tâche difficile, dans laquelle nous nous mettons souvent au second plan. Le fait qu'un aidant soit dépassé par sa tâche peut également être source de stress et de déséquilibre intérieur.*

***3. Quels sont les principaux conseils que vous pouvez donner aux aidants pour préserver leur santé et leur bien-être ?***
*Pour maintenir sa qualité de vie, il est essentiel*

- *d'être aussi bienveillant et affectueux envers soi-même qu' envers les proches dont on s'occupe*
- *de pratiquer la pleine conscience au quotidien*
- *de prendre régulièrement des pauses*
- *d'être, et de rester, en contact avec soi-même.*

*En outre, un échange avec d'autres personnes concernées peut aider à se sentir moins seul face à sa situation.*
*Avec le Club Aktiv Plus Atertdall, nous avons mis en place le projet « **Rencontre pour les aidants : pleine conscience et échange** » et offrons aux aidants la possibilité de se rencontrer régulièrement en groupe ou en individuel les mardis de 09h30 à 11h00 au Club Aktiv Plus Atertdall, à la Maison Worré à Rédange.*

Club Atertdall
*zesummen erliewen*

Club Atertdall
zesummen erliewen

## BASTELN MIT BETON / ARTISANAT AVEC DU BETON



Sie sind kreativ möchten jedoch nicht alleine Zuhause basteln? Hier können Sie ohne Vorkenntnisse, in guter Gesellschaft Ihre Dekoration für Ostern selbst gestalten. In der ersten Phase wird die Schablone und der Rohling angefertigt. In der zweiten Phase wird dieser bearbeitet und fertiggestellt.

*Vous êtes créatif mais ne souhaitez pas bricoler seul(e) à la maison ? Ici, vous pouvez créer vous-même vos décorations de Pâques sans connaissances préalables et en bonne compagnie. La première phase consiste à fabriquer le gabarit et l'ébauche. Dans la deuxième phase, le gabarit est travaillé et terminé.*

**Montag / lundi,** 24.02, (et/ou) 10.03

**Mittwoch / mercredi** 26.02

**Wo/où :** Maison Worré / Redange

**Einschreibungen bis 03. Februar!**

***Inscriptions jusqu'au 03 février!***

## ROERMOND - FASHION OUTLET



Auf einer Verkaufsfläche von 46700 qm reihen sich etwa 200 Boutiquen aneinander. Sowol Herren als auch Damen können fündig werden bei dieser Vielfalt an Luxus-Eleganz- Freizeit- bis hin zu Genuss- und Lifestyle-produkten.
Lassen Sie sich auf ein besonderes Shoppingerlebnis ein und überzeugen Sie sich von den reduzierten Preisen!

*Sur une surface de vente de 46700 m², environ 200 boutiques se succèdent.*
*Les hommes comme les femmes peuvent trouver leur bonheur dans cette diversité de produits de luxe, d'élégance, de loisirs, de plaisir et de style de vie. Laissez-vous tenter par une expérience de shopping particulière et laissez-vous convaincre par les prix réduits !*

**Dienstag / mardi, 18.03**

**Tarif: 68€** (Busfahrt / trajet en auto car)

**Einschreibungen bis 24. Februar!**

***Inscriptions jusqu'au 24 février!***

## MUSEE „ZYLINDERHAUS" BERNKASTEL - KUES

Das Zylinderhaus Museum für Oldtimer und Technik ist ein faszinierendes Ausflugsziel für Autoliebhaber und Technikbegeisterte. Das Museum bietet seinen Besuchern eine beeindruckende Sammlung historischer Fahrzeuge und technischer Geräte aus verschiedenen Epochen, die während einer 90 minütigen Besichtigung erläutert werden.
Es beherbergt über 100 Oldtimer. Nach dem Mittagessen bleibt Ihnen noch Zeit das Museum auf eigene Faust zu besichtigen und einen kleinen Abstecher nach Bernkastel-Kues zu unternehmen.



*Le musée « Zylinderhaus » pour les voitures anciennes et la technique est une destination fascinante pour les amateurs de voitures et les passionnés de technique. Le musée offre à ses visiteurs une collection impressionnante de véhicules historiques et d'appareils techniques de différentes époques, qui sont expliqués au cours d'une visite de 90 minutes. Il abrite plus de 100 voitures anciennes. Après le déjeuner, il vous reste encore du temps pour visiter le musée par vous-même et faire un petit détour par Bernkastel-Kues.*

**Donnerstag / jeudi, 13.02**

**Tarif: 78€** (Busfahrt + Eintritt Museum + Führung / trajet en bus + entrée musée + visite guidée)

**Einschreibungen bis 17. Januar!**

***Inscriptions jusqu'au 17 janvier!***

**Für Einschreibungen und weitere Informationen sind wir gerne für Sie da: T. 27 55 - 33 70**
**Unser komplettes Programm finden Sie in unserer Broschüre oder im Internet www.help.lu.**

***Pour les inscriptions où plus d'informations, nous sommes à votre disposition : T. 27 55 - 33 70***
***Vous trouverez le programme complet dans notre brochure ou sur Internet www.help.lu.***

**GEMENG PRÉIZERDAUL**
**3, rue de la mairie**
**L-8606 BETTBORN**
**Tél. : 266 299 100**
**secretariat@preizerdaul.lu**
**www.preizerdaul.lu**

**COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS**
**Entrevue sur rendez-vous, contactez le secrétariat**
**Tél. : 266 299 110**

**GERGEN Marc**
Bourgmestre
GSM : 691 65 49 47
mgergen@preizerdaul.lu

**REHLINGER Marc**
Échevin
GSM : 621 27 45 70
mrehlinger@preizerdaul.lu

**MULLER Fernand**
Échevin
GSM : 691 84 45 18
fmuller@preizerdaul.lu

**SECRÉTARIAT COMMUNAL**
**Horaires :**
**sur rendez-vous**

**GEREKE Roger**
Secrétaire communal
Tél. : 266 299 110
rgereke@preizerdaul.lu

**KRAUSE John**
Rédacteur
Tél. : 266 299 111
jkrause@preizerdaul.lu

**HOFFMANN Arlette**
Réception
Tél. : 266 299 190
ahoffmann@preizerdaul.lu

**RECETTE COMMUNALE**
**Horaires :**
**lundi à vendredi : 08h00-12h00**
**lundi et mercredi : 13h00-16h00**

**KAUFMANN-ORIGER Astrid**
Tél. : 266 299 120
aoriger@preizerdaul.lu

**POPULATION / ETAT CIVIL**
**Horaires :**
**lundi à vendredi : 08h00-12h00**
**lundi et mercredi : 14h00-18h00**

**RUPPERT-SCHREIBER Josée**
Tél. : 266 299 140
jruppert@preizerdaul.lu

**SERVICE TECHNIQUE**
**Horaires :**
**sur rendez-vous**

**GUYOT Nicolas**
Tél. : 266 299 150
GSM : 691 141 500
nguyot@preizerdaul.lu

**HILGER Roger**
Tél. : 266 299 130
GSM : 691 143 189
rhilger@preizerdaul.lu

**MARINHO Kevin**
Tél. : 266 299 155
GSM : 691 322 783
kmarinho@preizerdaul.lu

**ATELIER COMMUNAL**
**Chef ouvrier :**
**ORIGER Philippe**
Tél. : 266 299 160
atelier@preizerdaul.lu

**CENTRE CULTUREL „Op der Fabrik“**
**Horaires :**
**sur rendez-vous**

**VAN WISSEN Claude**
Concierge
GSM : 621 141 629
portier@preizerdaul.lu

Réservation salles :
Tél. : 266 299 120

**GARDE FORESTIER**
**VAN RIJEN Mike**
GSM : 621 202 199
mike.van-rijen@anf.etat.lu

**SCHOUL PRÉIZERDAUL**
**HUBER Nicole**
Présidente
GSM : 691 345 719
nicole.huber@education.lu

**MAISON RELAIS**
**ANTONY Patrick**
Chargé de direction
Tél. : 266 299 230
pantony@preizerdaul.lu

Commune de Préizerdaul
3, rue de la Mairie L-8606 Bettborn

preizerdaul.lu



FSC
www.fsc.org
RECYCLÉ
Papier fait à partir de matériaux recyclés
FSC® C004990